



**Gemeinsam Äntwert vun der Ministesch fir Famill- an Integratioun a vun der
Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 5593 vum Här Deputéierte Fred
Keup**

Dat modifizéierte Gesetz vum 17 Juli 2020 (*loi modifiée du 17 juillet 2020 portant introduction d'une série de mesures de lutte contre la pandémie Covid-19*) dat den 12 Februar 2022 a Kraaft getrueden ass lockert d'Modalitéite vum Isolement andeems et elo méiglech ass den Isolement ze verloossen esoubal een 2 negativ Schnelltester mat 24 Stonnen Ecart opweise kann. D'Mesure vun der Quarantaine fir déi leit déi Kontakt mat enger Covid-19 positiver Persoun hate fällt vum 12 Februar 2022 un ganz ewech.

Dës Mesuren, déi fir all d' Residente gëllen, gëllen natierlech och an den Alters- à Fleegeheemer.

Wat de Besuch ugeet am Fall vum Isolement vun engem Bewunner aus engem Alters- a Fleegeheim, huet d'Commission permanente pour le secteur des personnes âgées an enger adaptéierter Versioun vun hire Recommandatiounen déi vum 12 Februar 2022 dëst virgesi fir de Besuch och bei Covid-19 positive Bewunner ze erméiglechen:

« 3.4 *Les visites et les sorties*

[...]

Les résidents asymptomatiques/paucisymptomatiques (absence de fièvre depuis 24 heures), présentant un test positif, ont la possibilité d'accueillir des visites en nombre limité sous respect des précautions additionnelles par les visiteurs: hygiène des mains, surblouse jetable, gants à usage unique, masque FFP2. Les visites de personnes avec immunodépression sont déconseillées.

[...] »

Am Fall wou Bewunner an Alters- oder Fleegeheemer müssen an Isolement si well se positiv op de Virus getest gi sinn, ass d'Gesondheets- a Fleegepersonal do fir sech em des Leit ze këmmere.

Lëtzebuerg, den 01/03/2022.

D' Ministesch fir Famill- an Integratioun

(s.) Corinne Cahen